MAACHT MAT BEIM PROJET „ARTLAB : FUTURE!“

Mir siche Studenten, déi Loscht hunn hiert Erliewen an hier Meenung matzedeelen, wann et em d'Studenteliewen a Zäite vu Corona geet. Wéi geléngt et lech Zukunftsperspektiven ze entwéckelen ënnert dësen Bedingungen? Wéi kënnen d'Medien an hirer Funktioun als Berichterstatter iwwert d'Pandemie jonk Leit an dëser Zäit ënnerstëtzen?

Geplangt sinn:

1. **„ArtLabor: Zukunft!“**: ass e kreative Workshop iwwert 2 Deeg , wou Dir ageluede sidd, Är Andréck iwwert d'Zäit vun der Pandemie an den Afloss, deen et op Äert Liewen hat an huet, duerzestellen. Am ArtLabor gëtt mat analogen an digitale Medien – also Molerei, Zeechnung op Pabeier an op Tablets – kënschtleresch geschafft. Op Basis vun de Biller, déi entstinn, ginn Zukunftsperspektiven entwéckelt.
2. Eng **„Table Ronde“** mat Studenten, Politiker a Journalisten/Medievertrieder iwwert d'Roll vun de Medien an der Pandemie. Do sti folgend Froen am Mëttelpunkt vum Gespréich: Wat ass fir lech als Student wichteg, wann et em d'Aart a Weis geet, wéi d'Medien iwwert d'Pandemie kommunizéieren? An wéi ka Journalismus ausgesinn, deen d'Wuelbefannen an d'Gesondheet ënnerstëtzt – och a kriddelegen Zäiten?
3. Eng **Ausstellung** zu dem Projet „ArtLabor: Zukunft!“

De kreative Workshop iwwert zwee Deeg fënnt den **11. bis 12. Mäerz 2022** am **Casino Display - Forum d'art contemporain** statt an ass den éischten Deel vum Projet. D´Terminer fir d´Table Ronde an d´Expo wäerten Ufanks 2022 publizéiert ginn.

Fir weider Informatiounen oder wann Dir interesséiert sidd matzemaachen: inscription@cnapa.lu

cnapa
Centre National de Prévention des Addictions

INFORMÉIEREN • SENSIBILISÉIEREN • FORMÉIEREN • KOORDINÉIEREN
99, rue Andethana L-6970 Hostert
+ 352 49 77 77-1 | www.cnapa.lu

casino display

ACTION Jeunes
Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte